



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7514 vum 26. Januar 2023 vu der éierewäerten Deputéierten Madamm Martine Hansen iwwert "Installations photovoltaïques dans la zone verte"**

**Wéi vill Geneemegunge goufen an de Joren 2021 an 2022 ugefrot a geneemegt, fir dierfen eng Photovoltaikanlag op bestoenden an autoriséierte Gebaier an der Gréngzone opzeiichten?**

Am Joer 2021 sinn 59 Autorisatiounen ugefrot ginn, déi all accordéiert goufen. Am Joer 2022 sinn der 45 ugefrot ginn, wouvun der 44 geneemegt gi sinn. Eng Demande gouf refuséiert.

**Wéi laang huet et am Schnëtt gedauert bis den Antragsteller an der Gréngzone eng Geneemegung krut?**

Am Joer 2021 waren et an der Moyenne 40 Deeg. Am Joer 2022 waren et an der Moyenne 38 Deeg.

**Eng vun den Oplagen ass dat d'Panneauen à plat musse poséiert gi, wëssentlech dat net all Daachflächen optimal no Süden ausgeriicht sinn a fir en bessere Rendement deemno eng Inclinisoun vun den Panneau'en an esou Fäll en bessere Rendement géif assuréieren. Wéi motivéiert den Ëmweltministère des Oplag par Rapport zum Naturschutz? Gett et wëssenschaftlech Beleege, dat eng Inclinisoun vu Solarpanneau'en e negativen Impakt op den Naturschutz huet?**

D'Zil vun dëser Konditioun ass, den zousätzlechen Impakt vun sou Infrastrukturen op d'Landschaftsbild sou geréng wéi méiglech ze halen. De Schutz vun de Landschaften ass jo eent vun den Objektiv vum Naturschutzgesetz.

Et ass esou, dass eng flaach Installatioun, wat dat ugeet, a priori kee Problem ass. Bei de geplangten Upassunge vum Naturschutzgesetz soll jo dofir zukünfteg op Bestandsgebaier keng Autorisatioun méi fir verschidde Installatiounen néideg sinn.

Inclinéiert Installatiounen sinn och aktuell net d'office verbueden. Falls een seng Panneauen anescht wëll ausriichten, muss haut an och an Zukunft individuell gekuckt ginn, wéi de Projet sech landschaftlech integréiert.

**Gëtt un dëser Oplag am Kader vun der Upassung vum Naturschutzgesetz festgehalen?**

Dëst ass eng Konditioun, déi virgeschriwwen gëtt am Kader vun der Autorisatioun vun enger individueller Demande. Et gëtt also och individuell gekuckt, wéi de Projet sech landschaftlech integréiert an deementspreechend Konditiounen festgeluecht. Déi geplangten Upassunge goufen an der Äntwert driwwer schonn thematiséiert.

**Däerfen d'Solarpanneauen, di am Kader vun den Ausschreiwunge vun der Agrophotovoltaik sollen opgeriicht ginn, och inclinéiert sinn? An wéi héich däerfen di Anlagen opgestallt ginn?**

Genee ewéi aner Anlagen, kënnen och déi Anlagen déi bei der Ausschreiwung viséiert sinn, inclinéiert sinn. Och bei deene Projeten gëtt individuell bewäert, en fonction vum Projet an der Plaz wou dës virgesinn ass, wéi de landschaftlechen Impakt ass. Deemno ass och keng fix Héicht bei der Ausschreiwung festgehalen ginn. Bei der Ausschreiwung geet et jo och nach ëm méi: d'Opriichte vun deenen Anlagen muss och zu enger Verbesserung an de Beräicher landwirtschaftlech Nutzung a Biodiversitéit féieren. Dofir ass jo och eng reegelméisseg Bilanzéierung vun deene Pilot-Projeten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable

virgesinn. Opground dovunner wäerte kënnen Léieren zu méi oder manner gëeegenten Dimensiounen an Ausrichtungen vun deenen Anlagen gezu ginn.

Lëtzebuerg, de 6. Mäerz 2023  
(s.) Joëlle Welfring  
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung